

Aufgabe vum EHTK

D'Éischt Hëllef Team Kolléisch séichert déi 3 éischt Glidder vun der Rettungsketten of, esou laang bis d'Rettungsdéngschter op der Plaz sinn.



Den EHTK suergt fir d'Sécherheet bei schoulinternen an externe Manifestatiounen.

Bei enger eventueller Evakuatioun vum Gebai assistéiert d'Éischt Hëllef Team der Direktioun fir e reiwungslosen Oflaf ze garantéieren.


Stänneg Formatiounen

Eis Secouristen treffen sech all Woch fir theoretesch a praktesch Weiderbildungen. Ënnerstëtzt a begleet gi mir vu ville Partner aus dem Rettungs- a Gesondheetswiesen.



Bei engem Häerzstillstand

- Den **112** uruffen
- Masséier d'**Häerz** **120** mol pro Minutt
- Fro eng 3. Persoun dir en **Defibrillator** ze bréngen



Wien däerf mat maachen ?

All Schüler aus dem Kolléisch, deen en Éischt Hëllef Diplom huet, däerf am Team matschaffen. Fir aktiv Déngscht ze maachen, ginn zousätzlech intern Formatiounen ugebueden.

Am 1. Trimester vun all Schouljoer hunn d'Schüler Méiglechkeet, am Kolléisch un engem Éischt Hëllef Cours deelzehuelen, dee vun Instruktore vun der Croix-Rouge gehalen gëtt.



Éischt Hëllef Cours – Diplomiwwereechung 2017

42 Jonker an 2 Membere vum technesche Personal kruten hiren Diplom.

Léier och **DU** Éischt Hëllef

www.112.lu
www.croix-rouge.lu
www.reagis.lu



EHTK



Schüler hëllef Schüler
zanter 1998



ATHÉNÉE DE LUXEMBOURG
24, bd Pierre Dupong – L-1430 Luxembourg
Tel : 2604 6510 & 2604 6407
Email : ehtk@al.lu
www.ehtk.lu – www.al.lu/ehtk

Den EHTK – Wien ass dat?

D'Éischt Hëllef Team Kolléisch (EHTK) ass eng Grupp vu Schülerinnen a Schüler aus dem Kolléisch, déi an engem Noutfall hire Matschüler Éischt Hëllef leeschten.

Gegrënnt gouf den EHTK am Schouljoer 1998/1999 op Initiativ vum deemolegen Directeur-adjoint, dem Här Paul Schiltz an ënnert der Leedung vum Henri Mousel.



D'Team am Januar 2017

Zënter Januar 2017 zielt den EHTK 45 aktiv Memberen, dovun 43 Schüler aus alle Klassen, vu 7e bis 1ière. Och den IB ass vertrueden. Am Schouljoer 2016/17 konnt den EHTK 15 nei Memberen ophuelen.


D'Team gëtt vum EHTK-Comité, dem Myriam Gessner an dem Jean-Louis Gindt als "chef de groupe" geleet.

Am EHTK ginn déi Jonk an hirer Autonomie, Selbststännegkeet a Philanthropie gestärkt. Hiren Initiativgeescht gëtt am Sënn vum Benevolat gefërdert a si léieren Entscheedungen huelen a Verantwortung droen.

Bereitschaftsdéngscht

Den EHTK garantéiert während de Schoulzäiten e Bereitschaftsdéngscht vu jee 3 Secouristen. Bei engem Noutfall gi si iwwer e Piipser alarméiert.

Dem EHTK steet och am renovéierte Gebai eng gutt équipéiert Infirmerie zur Verfügung. All Secourist ass selbstverständlech un d'Schweigegeflucht gebonnen.




Am Joer 2015 gouf d'Aarbecht vum EHTK duerch de Prix du Mérite Jeunesse unerkant fir hire Projet



"Schüler hëllef Schüler - Éischt Hëllef léiere mam Éischt Hëllef Team Kolléisch."

Den EHTK suergt och bei alle schoulinterne Manifestatiounen wéi Kolléisch in Concert, Charity Run, Schoulfester asw. fir déi néideg Sécherheet.




Projet MiniAnne

Am Kader vun 10 Joer EHTK gouf de Projet MiniAnne an d'Liewe geruff. Zënter 2009 léieren an trainéieren all Joer eis Schüler vun 6e, 4e an 2e mat dem Übungsmannequin MiniAnne déi liewenswichtig Gester vun der Reanimatioun an d'Benotze vun engem Defibrillator. Iwwer 4500 Schüler a Professerer hu bis elo un dëse Formatiounen deelgeholl.



An Zesummenaarbecht mat ënnerschiddleche Partner bitt den EHTK och regelméisseg MiniAnne-Formatiounen ausserhalb vum Kolléisch an anere Schoulen oder bei besonneschen Evenementer un. Den EHTK schafft dofir enk mat der LRC (Luxembourg Resuscitation Council) zesummen.

AED – Automatiséierten Externen Defibrillator



Zanter Januar 2009 huet de Kolléisch als éischt Schoul am Land en AED, dee fir all Mënsch fräi zougänglech ass.

Den Defibrillator ergänzt d'Reanimatioun an ënnerstëtzt den Éischthëllef bei dëser liewensnoutwenneger Aufgab am Fall vun engem Häerzstillstand.

